**<u>Budget 2026</u>**

Madamm Buergermeeschtech, Memberen aus dem Schäffen a Gemengerot, Merci fir d'Wuert.

De Budget 2026 geet ewéi och déi läscht Joren mat engem Boni op en Enn. Och wann et just e Boni vu ronn 200‘000 € sinn muss een awer och soen datt 5 Mio€ op Spuerbuch ginn. Do kann een nëmmen dem Schäfferot félicitéieren datt een d’Suen op säit leet, wann et mol eng kéier net esou gutt soll goen oder e gréissere Projet an der Pipeline ass.

**Komme mir zu Infrastrukturen a Logement**

**Infrastrukturen**

Population an der Gemeng wiist, net nëmmen an den Dierfer mee och an den Administrative Gebäier. 334 Aarbechter sinn am Déngscht fir eis Gemeng. D’Raimlechkeeten vun der Mäerei ginn enk. Dofir gëtt eng Plaaz gesicht fir Gemeng ze vergéisseren, esou datt dee gudde Service weiderhinn fir eis Bierger garantéiert ass. Net nëmmen um administrative Niveau mee och am Service Technique ginn renovatiouns Aarbechten an der Fentenger Hal bedriwwen.

Eis Kanner sinn Zukunft vun haut a vu muer, dofir ass et gutt datt eis Schoulen an eise 5 Dierfer an engem gudden Zoustand sinn. Datt an Zukunft fir all Kand eng Plaaz do ass, gëtt Alzenger Schoul an der rue de Syren ausgebaut an och um Houwald ginn d’Aarbechten vun der Schoul gutt virun. De ganze Projet soll 2035 fäerdeg sinn. Kanner léieren net nëmmen Rechnen, Franséich an Däitsch mee mussen och léieren turnen a schwammen. Dofir begréissen ech decisioun vum Schäfferot fir eng Schoulschwämm ze bauen.

Bleiwe mir lo um Houwald awer op der anerer Säit vum Houwlad an der Couvent Strooss. Mat der vergéisserung vun 60 Better am Cipa erlaabt Gemeng de Bierger vun Hesper weiderhinn och hei dierfen ze bleiwen.

Gemengebrécken mussen ëmmer a jour gehaale gin. Zemools nom Héichwaasser gëtt nach méi genee nom Zoustand vun dësen Infrastrukture gekuckt. Op der Gantebeensmillen goufe renovatiouns Aarbechten schon gemaach. Néckelsbréck an der rue de sangen ewéi och Bréck bei der Hesper Kierch fir an d'Waassergas gi nei gemaach fir esou sécher a séier iwwert d'Ueltzecht ze kommen.

E ganz wichtege Punkt deen eis all Betrëfft ass dat knaschtegt Waasser. De Punkt Gestion des eaux usées steet mat ronn 4.3 Mio € am Budget. Eng Pompel um Boulevard des Scillas, e RüB (Regenüberlaufbecken) beim Camping zu Alzeng, Kontroll a sanéierungs Aarbechten vun de Kanäler sinn wichteg Punkten déi musse gemaach ginn. Fir datt mir dem knaschtegem Waasser och an Zukunft Meeschter ginn, gëtt schon fläisseg fir eng nei Kläranlag geschafft. Net nëmmen den Oflaf mee och zoufuer vum Waasser muss garantéiert sinn. Mam neien Waasserturm gëtt kapazitéit vun 500 op 2000m3 erop gesat. Do mat ass d'Waasserzoufur fir an d'Häiser, Appartementer déi a noer Zukunft ënnert anerem op den Houwald kommen assuréiert. Och ginn eis Waasserreserven erop gesat. Dat ganzt start ab dem 1 Januar 2026 mat der zesummen Aarbecht vum SEC (syndicat d'eau du centre)

**Zum Thema Logement**

Mam Projet Batiment mixte am Kär vun Hesper wou Gemeng 20 Wunnenge wäert bauen kënnt op den Houwald um Boulevard des scillas e Gebäi, AXS Houwald, mat 11 abordabel Wunnengen déi Gemeng wäert verlounen. Gemeng Hesper huet mam Projet Batiment mixte an AXS Houwald en total vun 111 Immobilien fir eis Bierger. Abordabel Wunnengen ginn der Jugend aus der Gemeng Chance weiderhinn hei an der Gemeng ze wunnen.

**Fazit**

Et stellt een fest, datt de vireschten ewéi och dëse Schäfferot eng Visoun huet. T'ass eng Gemeng fir jiddereen. Vu jonk bis manner jonk, et gëtt no jidderengem gekuckt.

E grousse Merci geet vu menger Säit un all d'Servicer vun eiser Gemeng déi eng excellent Aarbecht leeschten.

Merci geet un den Här Leven fir de Rapport vum Budget, dem Service financier fir d'Erstellen vun dësem iwwersichtlechen a lieserlechen Dokument. Merci geet och un Gemengenaarbechter fir alldächlech Leeschtung. E leschte Merci geet un eise Schäfferot fir eng gutt Koordinatioun vun all den Aarbechten.

Merci fir Äert Nolauschteren.